Chorale Les Villageois Contern
Organisatiounscomité **200 Joer Conter Gesank**

Conter, den 22. Dezember 2025

Maréchalat de la Cour
Palais Grand-Ducal
B. P. 331
L-2013 Luxembourg

Monseigneur,

Am Numm vun der Chorale « Les Villageois Contern » erlabe mir eis, Iech op dësem Wee en häerzleche Merci auszedrécke fir d'Invitatioun, e Concert, am Kader vun Ärer Chrëschtfeier de 17. Dezember 2025 dierften ze sangen.

Et war fir eis all eng grouss Éier an eng aussergewéinlech Freed, d'Personalfeier vun der Maison du Grand-Duc duerch eise Gesang encadréieren ze däerfen. Dës wäertvoll Erfarung wäert eis nach laang a beschter Erënnerung bleiwen a stellt fir eis Chorale e besonnesche Moment an hirer zweehonnertjäreger Geschicht duer.

Besonnesch bedeitend war dëse feierleche Moment och am Kontext vun eisem Jubiläumsjoer: No der Séance Académique, déi den 12. Dezember zu Conter a Präsenz vum Här Staatsminister Luc Frieden stattfonnt huet, hätte mir eis kee méi éierevollen a festlechen Optakt fir d'Feierlechkeete vum 200. Anniversaire vun eiser Chorale kënne virstellen, wéi dierfen am groussherzogleche Palais e Concert ze sangen.

Als onvergiesslech empfanne mir och déi häerzlech an authentesch Amenter, déi mir an dësem Kader erliewe konnten, besonnesch d'Präsenz vun de léiwe Prënze Charles a François, déi eis déif beréiert huet.

Monseigneur, mir soen Iech nach eng Kéier eise ganz opriichtege Merci fir d'Vertrauen an d'Wäertschätzung, déi Dir eiser Chorale entgéintbruecht hutt. Gläichzäiteg wënsche mir Iech Monseigneur, der groussherzoglecher Famill souwéi Ärem noosten Ëmfeld schéin, besënnlech a friddlech Chrëschtdeeg, an e glécklecht, gesond a geseenten neit Joer.

Mat déiwem Respekt,

Roby Muller
President
Chorale « Les Villageois Contern »

Jean-Claude Muller
President
Organisatiounscomité
200 Joer Conter Gesank